PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 14/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

D'Thema vun der Elektromobilitéit ass grad méi wéi jee en wichtegt Thema an der Aktualitéit. Dozou goufen et och scho verschidde parlamentaresch Froen an der Vergaangenheet, wéi zum Beispill meng parlamentaresch Froen n°347, 1915, 3746 oder 7161. Hei huet d'Regierung Informatiounen iwwert de Fuerpark beim Staat vun den Autoe vun der Regierung geliwwert.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Beim Staat:
   1. Wéi héich waren d'Ausgabe fir de Fuerpark vun den eenzele Ministèren am Joer 2023?
   2. Wéi vill Elektroautoen a wéi vill Autoe mat Verbrennungsmotor goufen 2023 fir de Fuerpark vum ëffentlechen Déngscht kaf?
   3. Wéi vill Autoe mat engem Verbrennungsmotor, wéi vill Elektroautoen a wéi vill Autoe mat Hybriduntrieb befannen sech, opgeschlësselt no Ministère, aktuell am Fuerpark vum Staat? Wéi gesäit de relativen Undeel vun all Zort Untrieb am Verglach zum Total aus?
   4. Opgelëscht no Ministère, wéi vill Autoe sinn 2023 verschrott ginn?

2. Zum Fuerpark vun der Regierung:
   1. Wéi vill Autoe befannen sech aktuell am Fuerpark vun der Regierung?
   2. Wéi vill Liter/100km verbraucht de Fuerpark (Duerchschnëtt+Median)?
   3. Wéi vill PS huet de Fuerpark vun der Regierung (Duerchschnëtt+Median)?
   4. Wéi vill Emissioune $CO_2$ stéisst de Fuerpark vun de Regierungsmemberen aus a wéi huet sech dësen entwéckelt zënter 2022?
   5. Wéi vill reng Elektroautoe befannen sech aktuell am Fuerpark vun der Regierung?
   6. Wéi vill Budget huet all Minister fir de Kaf vun engem neien Auto?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten